N°389
Entrée le 26.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil op d'parlamentaresch Fro n° 389 vun der Madame Deputéiert Stéphanie Weydert iwwert den Agrémement vun de Servicer fir eeler Leit am Kader vum neie Qualitéitsgesetz.**

Am Kader vum neie Qualitéitsgesetz fir Servicer fir eeler Leit, dat den 1. Mäerz 2024 a Kraaft trëtt, ginn effektiv d'Agrement'e vun de concernéierte bestoende Servicer fir eeler Leit erneiert.

Dëst net nëmme well dat neit Qualitéitsgesetz d'Denominatioune vu verschiddene Servicer ëmännert, mee och well den Agrementsdossier neie Critère muss entspriechen. Am deem vun Iech ernimmte Courrier vum 15. Februar 2024 ginn d'Gestionnairen dofir gebieden hiren Agrementsdossier z'aktualiséieren no de Bestëmmunge vum neie Gesetz.

Déi erneiert Agrement'e vun de bestoende Servicer, déi en Vigueur wäerte sinn ab dem 1. Mäerz 2024, ginn all konditionéiert a si limitéiert an der Zäit op 1 Joer. Eréischt nodeems de Ministère déi jeeweileg Agrementsdossieren réceptionnéiert huet, d'Analysen dovu stattfond huet, an den Agrementsdossier fir komplett deklaréiert ginn ass, gëtt ee Contrôle sur Place vun de Beamte vum Ministère realiséiert.

Wann no dësem Contrôle sur Place eng Bestëmmung net sollt erfëllt sinn, kann den Agrement nach eng kéier op bestëmmten Zäit verlängert gi mat enger Opfuerderung sech ze conforméieren zum neie Gesetz. Wann no dësem Contrôle sur Place all Bestëmmunge vum neie Qualitéitsgesetz erfëllt sinn, ka fir dee jeeweilege Service fir eeler Leit den Agrement verlängert ginn an op onbestëmmten Zäit ausgestallt ginn. Esou kënne mir als Ministère sécher stellen datt all déi nei Bestëmmunge vum neie Gesetz och an der Realitéit bei den eelere Leit ukommen a fir eng Qualitéit fir d'Servicer fir eeler Leit suergen.

Luxembourg, le 26.02.2024

Le Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil

(s.) Max Hahn